Lüchte Buodem, lücht ass d' Plëen
Rücht deng Ëgen no der Scholl;
Meißen drei der Pärd soch zëen;
Dem no Buodem, dem no d' Roll.

Loß deng Plë a Wone maachen
Vun em Weeschter ann dem Stech;
Wäll et geet an dene Saachen
Ganz äxack a bis ann d' Brech.

Louschter, Bauer det ass richteg.
Alles geet wans du gudd gees.
Waas de mechs d' ass alles wichteg
Fir d' ganz Wonschheet wës de weeß.

Aner Ledd sin och wuol ierdeg
An se maachen dat an dat.
Oue dech da sin s' all fierdeg
Bauten s' och aus Gold fir Staad.

Fir der Arbecht lücht ze maachen
Ass och alles gudd gesennt.
Wat Maschinen a wat Saachen
Ee jo hott fir dech erfennt!

Kuck emol di ural Wehen
Iwer Hiwel Steen a Kniwel
Dëw Gelëser ann de Lehen.
Am Moraast bis iwer d' Stiwel.

Elef Perd u fennef Zänner
An om Gesel d' Mescht am Sak.
Ee Gespan-n a siwe Männer,
Mat der Geißel klick a klak!